N°14
Entrée le 10.11.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Michel Wolter
Luxembourg, le 13.11.2023

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Michel WOLTER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/11/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

D'Coronapandemie huet eis an der Gesellschaft villes iwwer Gestë bäibruecht, déi jiddereen ënnerhuele kann, fir Infektiounskrankheeten auszebremsen. Ee wichtegen Aspekt dovunner ass sécherlech d'reegelméissegt Botzen an Desinfizéieren. Wärend der Covid-Pandemie konnt ee feststellen, dass d'Busser an d'Zich am ëffentlechen Transport ronderëm d'Auer propper waren an dass permanent d'Disponibilitéit vun Desinfizéierungsmëttel garantéiert war. Dat war virun der Coronapandemie net ëmmer de Fall an ass och haut, wann een a verschidden Zuch- oder Buslinnen ënnerwee ass, net méi de Fall.

An den Äntwerten op déi parlamentaresch Froen n°2083 an 2285 hat de Mobilitéitsminister Auskonft doriwwer ginn, wéi Desinfizéierung vum Fuermaterial am ëffentlechen Transport säit dem Ausbroch vun der Coronapandemie assuréiert gëtt a wat dat zousätzlech géif kaschten.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Op d'Joren 2019 bis 2023 gekuckt, opgelëscht no Joer, wéi vill Sue ginn all Joer fir d'Botze vun den Zich a Busser bei den CFL ausginn?
2. Wéi oft ginn d'Sëtzplazen am ëffentlechen Transport, bei Bus an Zuch, pro Woch gebotzt an eventuell och desinfizéiert?
3. Wéi vill Aarbechtsopwand- a stonne brauch et am Duerchschnëtt fir ee Bus oder ee Waggon bei den CFL ze botzen?
4. Wéi eng intern Servicer an extern Sociéitéiten këmmeren sech bei den CFL dorëms, dass d'Propretéit am Bus oder Wagon garantéiert ass? Wéi vill Persounen sinn hei, opgedeelt no CFL-intern an externe Sociétéiten, aktiv?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten